Klautjen

Gemengeblat Biissen

08/2013

Gemeng Biissen. Eng Gemeng déi verbënnt.

05 Nei Heizung an der Kiirch

22 Deponie um Kallekhaff

30 Food for your Senses

eDITO

Gemenge Kommissiounen

An dëser Ausgab wollte mer Iech op e puer Chantercher hiweisen, déi den Ament am Duerf amgaang sinn, respektiv an der Lescht ofgeschloss goufen. Zu de groussen Aarbechten déi lescht Méint huet de Waasserbaseng um Wobierg gezielt. Och huet de Schäffen- a Gemengerot sech weider mat Energiefroe befaasst. Heizou méi am Artikel iwwert di nei Heizung an eiser Porkierch an dat Konzept ronderëm d'Hëtze vun den ëffentleche Gebaier, dat eis bestëmmt nach eng Zäit beschäftege wäert.

De Bau vun dem neie Schoulkomplex fir di Klengsten huet d'Hürden an deene verschiddenen Administratioune gepackt. D'Ausschreiwunge sinn deelweis eraus, an de September gëtt mam Ofbau vum ale Gebai ugefaang. Vill Aarbecht fir d'Léierpersonal; déi eng mussen an der Spillschoul plënneren muss, déi aner mussen an der „grousser Schoul" Plaz maachen.

Eppes Neies hate mer zu Biissen, mat engem richtege Musiksfestival fir eis jonk Matbierger, an déi, déi et bliwwe sinn. Et geet ëm de „Food for Your Senses". Mat enger gewësser Virsiicht si mer de Projet ugaangen, an um Enn kann een nëmme soen, et war trotz miserabelster Wiederconditiounen e schéine Succès. Dofir och e Réckbléck, deen onweigerlech un de legendäre Woodstock Festival erënnert.

Eis lokal Veräiner an déi verschidde Kommissiounen hunn et och mat Neiem a Bewäertem verstanen, déi Biisser Leit a lokal Aktivitéiten anzebannen. Mir si frou, datt mer esou oft am Klautjen heiropper zeréckkommen, well esou gesäit een, wéi vill eigentlech zu Biissen gebuede gëtt.

D'Équipe vum Klautjen, mam neie Mataarbechter, dem Kevin Engelbert, wënscht Iech vill Spaass mam Klautjen an eng schéi Vakanz, wou och ëmmer Dir se verbréngt. A wann der eng flott Iddi fir de Klautjen hutt, zéckt nit, eis se weiderzeginn.

Frank CLEMENT
(Kommissioun fir Informatioun a Medien)

Sommaire

Klautjen Juni 2013

Internetsite www.bissen.lu 3
Conservatoire du Nord Ettelbréck zu Bissen 4
Nei Heizung an der Kiirch 5
Restauration des Wasserspeichers 6
Héigen Besuch 7
Te deum 7
Schoulsportdag 8
Scheckiwwerrechung vum C1 9
Kuck & Klick 9
Ausflug Cycle 3.2 nach Liefrange 10
Stonnelaf géint AIDS 12
Noriichten aus dem Burkina Faso 13
Journée des Récompenses 14
Nouvelles de la Maison Relais „Un der Atert"
Lëtz' Step to Fairtrade 16
Dagesoflaf an der Maison Relais 17
Im Jugendhaus ist was los...
Selbstbehauptuns- und Selbstverteidigungskurs für Mädchen... 18
Im Jugendhaus wird gerockt – ein Proberaum für das Jugendhaus 18
Mierscher Lieshaus – Lëtzebuergesch schreiwen 19
Bisart 2013 20
Commissiounen Jugend – A Sport Mtb Tour 2013! 20
Regenwasser richtig nutzen – Weltwassertag 21
Deponie um Kallekhaff 22
D'Säit vum Biisser Bësch!
Totes Holz voller Leben 24
Ofschoss vun engem däitsche Fliger 26
Blumme maart 27
Aussergeweïnlechen Asaz vun de Biisser Pompjeeën 27
Generalversammlung der Soirées Musicales de Bissen 28
Mammendag Basteln 29
Coupe de Luxembourg 29
Food for your senses 30
Coupe scolaire 32
Gebuertsdagskanner aus der Gemeng Biissen 33
Tomcar S.A. 34
Dussmann Luxembourg 35

Die Veröffentlichung der Gemeinderatsberichte erfolgt in der nächsten Ausgabe des Klautjen.

Editeur:
Administration communale de Bissen / Commission consultative de l'Information
BP 25, L-7703 Bissen
Tél. 83 50 03-1
www.bissen.lu / klautjen@bissen.lu

Redaktioun:
D'Memberen vun der Kommissioun:
Frank CLEMENT, Kevin ENGLEBERT, Josiane KIEFER-SCHAUL, Marc LUCIUS, Christian SEMERARO, Patrik THILMAN, David VIAGGI (President)

Et hu matgehollef:
John QUINTUS, Charles REISER, Jos SCHUMMER, a verschidden anerer bei den Texter a Fotoen

Layout: www.reperes.lu

De Klautjen gëtt gratis un all Haushalter an der Gemeng Biissen verdeelt.
Net bestallten Textbeiträg ginn net zréck geschéckt, an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass.
Dir fannt de Klautjen och am Internet: **www.bissen.lu**

Internetsite
www.bissen.lu

D'lescht Joer huet d'Gemeng Biissen sech eng nei Identitéit mam Logo ginn. Am Mäerz vun dësem Joer ass och den neien Internet Site vun der Gemeng online gesat ginn. Net nëmmen de Look ass modern ugepasst ginn. Méi faarweg a frëndlech sprécht hien den Online Klient un. An nächster Zukunft kommen och nach verschidden nei Moduler bäi. Natierlech bitt hien intressant Informatiounen aus der Gemeng an och aus den Nopeschgemengen un. E Link op den Nordpool, eng Fro zum ëffentlechen Transport an de guichet.lu sinn nëmmen e puer vun den Astuce vum neie Site.

De **www.bissen.lu** gëtt och an Zukunft nach weider ausgebaut, ëmmer am Sënn vum Déngscht am Bierger.

Conservatoire du Nord Ettelbréck

zu Bissen

Le Conservatoire du Nord en collaboration avec la commune de Bissen

COURS D'ÉVEIL MUSICAL & DE FORMATION MUSICALE-SOLFÈGE

Eveil musical pour enfants

à partir de 5 ans
(enseignement fondamental : cycle 1.2 / 2e année préscolaire) :

1 cours hebdomadaire de 60 min. / 3 niveaux :
EM préscolaire : jeudi à 16h00 (à p. de 5 ans)
EM 1 : jeudi à 15h00 (à p. de 6 ans)
EM 2 : jeudi à 14h00 (à p. de 7 ans)

Formation musicale-solfège

à partir de 8 ans
(enseignement fondamental : cycle 3.1 / 3e année primaire) :

2 cours hebdomadaires de 60 min :
lundi à 16h30 et jeudi à 14h00

Droit d'inscription annuel : 155 €

Infos et inscriptions :
CMNord site Ettelbruck : tél. 26 81 26-1
ou par mail à : **mail@cmnord.lu**

Pour plus d'informations : **www.cmnord.lu**

Op gläich 2 Presentatiounen haten de CMNord (Conservatoire de Musique du Nord) an d'Gemeng invitéiert. All Kéiers mat groussem Erfolleg hunn déi klengste vum Eveil Musical an déi schonns méi fortgeschratt Schüler sech op hiren Instrumenter bei deene jeweilegen Auditioune virgestallt.

Eng gutt Geleeënheet fir Elteren a Frënn, respektiv fir eis lokal Museksveräiner, ze héieren, wat am Conservatoire geleescht gëtt oder nei Kontakter ze knëppen.

D'Zesummenaarbecht tëschent der Gemeng an dem Conservatoire ass ganz enk. Biissen ass duerch de Frank CLEMENT an dem „Conséil d'Etablissement vum CMNord" vun Ettelbréck vertrueden. Och ass de Conservatoire frou, Coursen hei zu Biissen fir Jonker kënnen ofzehalen, an esou den Eltere wäit Weeër ze erspueren.

Esou entsteet op der enger Säit de wichtege Kontakt mat de Biisser Associatiounen, den Elteren an och der Schoul, zum Beispill beim Presentéiere vu Musiksinstrumenter an de Schoulklassen. An op der anerer Säit leescht d'Gemeng hire Beitrag, andeems se verschidden Taxen iwwerhëlt oder Raimlechkeeten zur Verfügung stellt. Esou ënnerstëtzt si all Kanner, déi sech musikalesch weiderbilde wëllen.

Nei Heizung
an der Kiirch

Die Erneuerung der Heizung in der Kirche war seit mehreren Jahren überfällig. Die Anlage stand kurz vor dem totalen Ausfall, der Energieverbrauch an Heizöl verursachte jährlich hohe Kosten und außerdem war das Gebäude nicht an die zentrale Heizungsanlage unseres Ortes angeschlossen. Aus diesen Gründen hatte der Gemeinderat für 2013 die nötigen Mittel zur Erneuerung der Heizungsanlage freigegeben, und die Arbeiten konnten im Juni dieses Jahres abgeschlossen werden.

Eine Kirche zu beheizen ist eine anspruchsvolle und komplexe Aufgabe. Kirchen sind Gebäude, die aufgrund ihrer Nutzung, ihrer Möglichkeiten zur Beheizung und ihren Anforderungen an das Raumklima nicht mit anderen Räumen vergleichbar sind.

Neben dem Wohl der Kirchenbesucher darf der verantwortungsvolle Umgang mit der vielfach sehr wertvollen Gebäudesubstanz, der Inneneinrichtung und den vorhandenen Kulturschätzen (siehe Orgel), nicht in den Hintergrund treten.

Die Berater von der spezialisierten Firma MAHR aus Aachen, die schon mehrere Anlagen in unserem Land umgebaut hat (z.B. Kirche in Diekirch), empfahlen dem Schöffen- und Gemeinderat „Wärmestationen" des Typen „Silent-compact".

Diese Wärmestationen funktionieren auf der Basis von heißem Wasser und sollen die Gebäude auf Basis einer natürlichen Luftumwälzung aufheizen.

Kernstück der Heizung ist die moderne Steuerung. Die Regelung berechnet auf Grund der aktuellen Temperatur vollautomatisch den Aufheizbeginn und überwacht mit äußerster Präzision eine kontrollierte Aufheizung mit einer vorgegebenen Steigerung pro Stunde.

Übrigens sollen diese Regelungen in allen gemeindeeigenen Gebäuden als Teil des Konzeptes des Schöffenrates zur Senkung der Heizkosten und Überwachung der Anlagen installiert werden. Die Heizung in der Kirche wurde also nicht nur einfach erneuert, sondern dahinter steckt weitaus mehr und mit den gewonnenen Erkenntnissen werden die nächsten Gebäude mit diesem System ausgestattet.

Luxemburger Wort
für Wahrheit und Recht.
Samstag, 9. und Sonntag, 10. September 1899

Amtliches.

Publikatioun,
de 9. September 1899
iwwert e Subside vun 800 Frang
accordéiert fir d'Installatioun vun
enger Heizung an eiser Porkierch.

Restauration des Wasserspeichers

Verbesserung der Trinkwasserqualität



Ein großes Anliegen des Gemeinderates Bissen ist die Verbessung der Trinkwasserqualität. In der Gemeinderatssitzung vom 8. Oktober 2012 wurde dies bezüglich ein Betrag von 35.500,- € freigegeben, der zur Modernisierung des Wasserspeichers auf dem Woberg benötigt wurde.

Durch die Einstellung von 2 weiteren Gemeindearbeitern während des letzten Jahres, war es möglich Anfang des Jahres, diese Instandsetzung mit eigenen Fachkräften durchzuführen. Sämtliche Pumpen wurden durch moderne ersetzt. Die neuen Zu-und Ableitungen aus Edelstahl verbessern nicht nur die Optik, sie gewährleisten eine längere Lebensdauer ohne größeren Wartungsaufwand. Zusätzlich wurde die Belüftung, die Dosierungsanlage, sowie die elektrische Überwachungsanlage des Wasserspeichers, komplett erneuert. Des Weiteren wurde der Raum neu verputzt und gefliest. Dank dem professionellen Einsatz der Herrn Weynandt und Martins, verfügt die Gemeinde somit über eine moderne und hygienische Anlage.

Erbgroßherzog Guillaume und Erbgroßherzogin Stéphanie zu Besuch bei der Großwäscherei

Héige

Besuch

Am Donnerstag, 6. Juni erwiesen Ihre Königlichen Hoheiten, Erbgroßherzog Guillaume und Erbgroßherzogin Stéphanie in Begleitung von Wirtschaftsminister Etienne Schneider, dem Bürgermeister der Gemeinde Bissen, Jos Schummer, dem Präsidenten und dem Direktor der Business Föderation FEDIL, Robert Dennewald und Nicolas Soisson mit dem Vorstandsmitglied der Dussmann Group, Axel Gränitz, der Geschäftsführung von Dussmann Luxemburg, mit Direktor Patrick Schiltz und den beiden Geschäftsführer Jean-Paul Neu und Angelo Rossi die große Ehre eines Besuches der Großwäscherei Dussmann Lavador in Bissen.

Die moderne Wäschereianlage ist ein sehr wichtiges Segment der Dussmann Luxemburg und ist ebenso ein bedeutender Arbeitgeber für die Region. Dussmann Lavador betreibt nun seit 2007 diese neue Anlage, welche nach strengsten Auflagen realisiert und mit ausgereifter Technik ausgestattet ist. Insgesamt beschäftigt der 7. größte Dienstleister Luxemburgs in den vier Hauptaktivitätsbereichen, Reinigung, Catering, Security und Wäscherei insgesamt 3000 Menschen mit einer bemerkenswert hohen Betriebsangehörigkeit.

Te deum

Traditionell ass um Virowend vun Nationalfeierdag den Te Deum zu Biissen.

De Cortège, ugefouert vun eiser Fanfare an de Pompjeeën, gefollegt vum Schäffen- a Gemengerot, Veräiner an Awunner, geet vum Frounert aus an d'Kierch, fir den Te Deum.

Nom Te Deum ass et och Traditioun, datt de Schäffen- a Gemengerot sech op den Trape vun eiser Kierch afënnt, wou de Buergermeeschter eng Ried hält. Nodeems d'Heemecht gesongen a gespillt ginn ass, ginn dann déi verdéngschtvoll Pompjeeë fir hir Asätz, zum Wuel vun eisem Duerf a sengen Awunner, geéiert.

Duerno geet et zeréck an de Frounert, wou och 2013 e grousst Volleksfest war. De Service hat dëst Joer den Tennis Club Biissen an d'Hand geholl, a bei Iessen a Gedrénks a gudder Stëmmung gouf zesumme bis spéit an d'Nuet gefeiert.

De Schäffen- a Gemengerot seet de Veräiner, Awunner an all deenen, déi un de Feieren deelgeholl hunn, villmools Merci.

Et goufen op national Feierdag geéiert fir hiert Wierken an de Pompjeeën:

Steve BECCARI
mat der Bronze Medaile fir 15 Joer

Philippe DAS NEVES MAIA
mat der sëlwer Medaile fir 20 Joer

Christian JUNGBLUT
a Patrick HORSMANNS
mat der gëlle Medaile fir 25 Joer

SERVICE INCENDIE & SAUVETAGE
Commune de Bissen

Am Kader vum Schoulsportdag hunn di Biisser Schoulkanner aus de Cyclen 1-4 d'Initiativ „Project 5" vun DS Sports ënnerstëtzt.

Fir hiert 5-jähregt Jubiläum ze feieren huet DS Sports sech e ganz speziellen Challenge gesat: „Während engem Joer gëtt probéiert sou vill Geld ewéi méiglech fir di 5 folgend Organisatiounen ze sammelen":

- Croix Rouge Luxembourgeoise,
- Elisabeth Stëftung,
- Foyer Eislécker Heem,
- Special Olympics,
- Alan (maladies rares).

Schoulsportdag

Eng vun den Aktioune gouf vun der Maison relais Schoulkauz a vun der Grondschoul vu Wëlwerwolz am Kontext vum Schoulsportdag initiéiert.

De 24. Mee si ronn 300 Biisser Kanner mat hiren Enseignanten a mat den Educateuren aus der Biisser Maison relais op Wëlwerwolz gefuer wou si un engem Spendelaf an u ville flotten Aktivitéiten deelgeholl hunn.

Scheckiwwerrechung vum C1

Wéi all Joer hunn d'Kanner aus dem Cycle 1 fir de gudden Zweck gebastelt. Des Saachen goufen um Chrëschtmaart verkaaft. Sou konnten d'Kanner den 19. März 2013 de stolze Betraach vun 2.000,-€ der ASA asbl. iwerreechen. D'ASA asbl. bild Assistenzhënn fir behënnert Kanner an Erwuessener aus.

Spillschoul déi deemnächst duerch eng Nei ersat gëtt

Diese Art der Schulung wird vom „Centre de Formation pour Conducteurs" angeboten und richtet sich speziell an die Schüler des Cycle C2.1. Die Kinder lernen praxisnah welche Gefahren speziell auf sie, als Fußgänger im Straßenverkehr und als Passagier im Auto, lauern.

Welche Gefahren gilt es zu erkennen, wie benimmt man sich richtig, beim Überqueren einer Straße, beim Benutzen des Zebrastreifen, oder den Straßenampeln.

Ein weiterer Schwerpunkt ist das Benehmen im Auto, hinten sitzen, angeschnallt sein und angeschnallt lassen. Was geschieht wenn man nicht angeschnallt ist, eine Puppe veranschaulicht die großen Gefahren denen nicht angeschnallte Personen ausgesetzt sind.

Die jährlich anfallenden Kosten für die Gemeinde sind sicherlich jeden Cent wert.

Kuck & Klick

Ausflug

Cycle 3.2 nach Liefrange

Unser Schulausflug

Vom 3. Bis 4. Juni machten wir einen Schulausflug nach Liefrange.

Wir, also Zyklus 3.2, übernachteten in einer Herberge: Marjaashaff.

Wir waren ungefähr eine halbe Stunde mit unseren Zimmerbewohnern im Zimmer.

Dann sind wir in einen Raum gegangen, und malten eine Piratenmütze. Schließlich bekamen wir ein Blatt, „Piraten-Rallye“ stand ganz oben. Wir machten uns sofort auf den Weg. Gott sei Dank, dass es schönes Wetter gab. Ein paar Stunden später fanden wir den Schlüssel zu einem Schatz.

Aber... Huch... der Schlüssel hatte eine verschlüsselte Botschaft. So verschlüsselt war noch nie ein verschlüsselter Code an einem Schlüsselanhänger in der Verschlüsselungsgeschichte. Doch wir haben ihn entziffert. Es stand drauf: „Der Schatzplan liegt auf dem gruenen Tisch“ Dann aber wieder eine Frage: „Wo ist der grüne Tisch?“ Wir grübelten und grübelten, und es war der Ping-Pong Tisch. 45 Minuten später hatten wir ihn, den Schatz.

Als wir zurück waren aßen wir Fleisch, Fritten, Salat und zum Nachtisch Eis. Am nächsten Morgen sind wir mit dem Förster gewandert und haben Spiele gespielt. Leider war es dann aber schon vorbei und wir sind heimgegangen.

Dzenan

Mein Aufenthalt in Liefrange

Am Morgen des 3. Juni kam ich bei der Schule an. Ich sprach mit meinen Freundinnen, wir freuten uns alle...

Der Busfahrer schleppte alle Koffer aus dem Bus. Wir nahmen unseren Koffer und gingen bis zum Eingang. Da erklärten uns die Lehrer, dass wir die Herberge nicht mit den Schuhen betreten dürften. Wir zogen unsere Pantoffeln an. Zunächst gingen wir in die Zimmer. Ich teilte mein Zimmer mit Luana, Patricia und Emilie.

Jetzt ging es los! Nach einem langen steilen Weg kamen wir zu wunderschönen Aussichtspunkten. Dann stiegen wir den Wanderweg auf, um einen Bunker zu erreichen. Dieser Bunker war von jungen Männern gebaut worden, als die Deutsche Armee kam und den Luxemburgern die deutsche Nationalität aufzwingte. Die jungen Männer, die nicht in den Krieg wollten, bauten deshalb viele Bunker um sich zu verstecken. Das Essen bekamen sie von Leuten, die im Dorf wohnten das in der Nähe des Bunkers war. Das waren schwere Zeiten. Später gingen wir weiter in den Wald und der Weg mündete in eine Straße. Diese Straße gingen wir entlang. An einer Linkskurve sahen wir eine Bombe stehen. Die wurde im zweiten Weltkrieg von den Amerikanern abgeworfen. Diese Bombe kam in Luxemburg an, aber sie explodierte nie. Anschließend gingen wir bergab; auf der rechten Seite stand ein Stall, wo ich ein wunderschönes Fell (Pferderasse) sah. An einer Kreuzung blieben wir an einer Linde stehen. Diese Linde war keine normale Linde sondern ein: „Fräiheetsbam".

Perrine

Unser Schulausflug

Auf einmal rief Sascha: „Ich habe den Schatz gefunden." Alle anderen Kinder sind schnell herbei gekommen. Endlich hatten wir den Schatz gefunden. Der Schatz war schön und jeder bekam eigentlich genug.

Als wir den Schatz aufgeteilt hatten, konnten wir noch spielen gehen. Danach mussten wir alle duschen und uns die Haare trocknen. Wir hatten nur ein Problem: es war nur eine Steckdose im Zimmer.

Nun zogen wir uns an und gingen mit den andern essen. Es war gut, aber es war sehr laut. Abends wuschen wir uns die Zähne und gingen noch mal auf die Toilette. Anschließend stellten wir uns in eine Reihe auf und gingen in den großen Saal. Im Saal sangen wir lustige Piratenlieder und zum Abschluss schauten wir uns noch einen kurzen Piratenfilm an. Danach ging es ab ins Bett.

Das Einschlafen war nicht so einfach, denn über uns war es ziemlich laut. Morgens um acht wurden wir wach und gingen frühstücken. Nach dem Frühstück stiegen wir in den Bus und fuhren in das Nachbardorf. Als wir ankamen wanderten wir durch den Wald und genossen die Aussicht. Mittags aßen wir gegrillte Würstchen mit Salat. Gut gestärkt gingen wir mit dem Förster in den Wald und spielten interessante Spiele. Zum Schluss stiegen wir in den Bus und fuhren wieder heim.

Eve

Stonnelaf géint

AIDS

Cycle 3.2

Cycle 4.1

Cycle 4.2

Wéi all Joer hunn di Biisser Kanner aus de Cyclen 3 a 4 um Stonnelaf géint AIDS deelgeholl. Fläisseg hu si am Virfeld Parraine gesicht, déi eng Promesse de Don gemeet hunn. De 25. Oktober war et dunn esou wäit. Ronn honnert Kanner sinn zu Miersch un de Start gaange fir eng hallef Stonn ze lafen ouni dotëscht stoen ze bleiwen. Hir Performance gouf belount. Di 2 Klassen aus dem C.4 si mat 63 Ronnen (d'Ronne vun deene 6 beschte Leefer aus all Klass goufen zesummegezielt) 2 Mol op di 2. Plaz komm a kruten eng Coupe als Erënnerung.

Fotoen: LCD Miersch

Den 19. Juni war och eng kleng Delegatioun vu Schoulkanner dobäi wou d'Vertrieder vum LCD (Annexe Miersch) den Organisatiounen „Fondation Recherche sur le S.I.D.A" an „A.I.D.S.-Berodung de la Croix Rouge Luxembourgeoise" je e Scheck am Wäert vu 25.000,- € iwwerreecht hunn.

Mir freeën eis elo schonn drop am Oktober 2013 bei der 20. Editioun vum Stonnelaf géint Aids um Rendez-vous ze sinn.

Noriichten aus dem

Burkina Faso

Foto: Liette Hoffmann

Virun engem Joer hunn d'Kanner aus dem Cycle 4.2 (Klass vum René Feis, Thierry Maertz a Chantal Wammer) dem Marcel Scheidweiler vun de Jongbaueren a Jongwënzer e Scheck mat der houfreger Zomme vun 2.000,- € iwwerreecht fir de „projet de coopération centre technique d'amélioration de la traction asine" am Burkinsa Foso z'ënnerstëtzen.

Elo, ee Joer dono, huet de Marcel Scheidweiler eis Fotoen an d'Schoul bruecht, fir eis ze weise wat mat de Spende vun de Biisser Leit geschitt ass: „Et sinn 12 Kassinen (Aarbechtsgeschir fir den Iesel) kaaft ginn. Dës Kassinen erlaben et och Fraen a Kanner, mat wéineg Kraaft- an Zäitopwand grouss landwirtschaftlech Flächen ze bewirtschaften."

Journée des Récompenses

Kultur

Den Här Romain Lucas als President vun der Kulturkommissioun aus eiser Gemeng, an zoustänneg fir de kulturellen Deel, huet d'Éierung vun de Lauréate virgeholl. Vill jonk Musek begeeschtert gëtt et hei zu Biissen an deemno war och d'Unzuel vun deenen déi e klenge Cadeau kruten.

Besonneg ervirsträiche wëlle mer déi Leit, déi en 2. oder 1. Präis kruten, heizou geheieren:

- **Brune Loïc**
- **Kauffmann Yasmine**
- **Meurin Julie**
- **Meurin Patrick**
- **Terver Christophe**

An de Gonçalves da Silva Augusto Manuel, deen 2012 eng sëlwer Médaille fir Lëtzebuerg par Équipe um World Market for Baking IBA – Cup Bäcker – Konditor gewonnen hat.

Willy Gielen

Am Kader vun der „Journéee des Récompenses 2013" gouf de **Willy Gielen** fir seng joerelaang Präsenz am Gemengen- a Schäfferot vu Biissen geéiert.

De Willy gouf 1944 zu Eupen gebuer a koum 1977 op Lëtzebuerg, fir sech dann 1984 zu Biissen nidderzeloossen. Hie war Gemengerotsmember an den Zäite vum 1.1.1994 bis 31.12.1999, a vum 28.05.2001 bis 28.10.2011.

No deenen 5.769 Deeg am Gemengerot, dovunner der 2.574 als Schäffen, wor hien 2011 net méi mat an d'Wahle gaang.

Während senger politescher Carrière huet hie vill Projete mat gehollef droen. Fir der nëmmen e puer ze nennen:

- Vergréisserung vun der Sportshal an der Schoul, de Bau vum neien Atelier, der Hal am Frounert, Jugendhaus, Wonerbatty, der Maison Relais, Ëmbau vun der Aler Gemeng an dem Gréngen Eck.
- Aféierung vum Précoce an enger Garderie.
- Bau vun de Vëlosweeër Richtung Colmer a Béiwen, Parking Merelbaach.
- Bedeelegung um Ausbau vum Mierscher CIPA (Centre Intégré pour Personnes Âgées), an deem doduerch 15 Better fir Biisser Matbierger zur Verfügung stinn.
- Mesurë géint Héichwaasser.
- Decisioun fir d'Kläranlag nit ze vergréisseren, mee Biissen un d'Kläranlag Bleesbréck unzebannen.
- Ausbau vun der Industriezon Klengbousbierg I an II.

Wéi dat esou üblech ass, krut de Willy, als Merci fir dës laang Zäit am Dingscht vum Bierger, e klenge Cadeau iwwerreecht. De Schäffen- a Gemengerot schéckt him heimatten nach emol di beschte Wënsch fir eng flott Zukunft bei beschter Gesondheet.

Sport

Am Numm vun der Sport- a Jugendkommissioun huet den Här **Feiereisen Alain** d'Invitéë begréisst. A senger Ried huet hien ervirgestrach, datt Biissen op déi erreechte sportlech Leeschtungen a Resultater stolz ka sinn. Eist Duerf ass nit nëmmen hei am Land, mee och am Ausland vertrueden. Leider awer gëtt dacks den Numm vum Heemechtsduerf nit ernimmt.

Leeschtunge kommen net vum selwen. Éiergäiz, vill Zäit, awer och finanziell Ënnerstëtzung vun den Elteren, respektiv vun de Leit, déi an de Veräiner schaffen, ass gefuerdert. Niewent dem Sport däerf een awer ni vergiessen, wéi wichteg Schoul an Ausbildung sinn, well sportlech Carrièrë kënne séier eriwwer sinn.

No der Usprooch koum et zu folgenden Éierungen:

D'Equippë Minimes a Cadets vum **DT Biissen**, respektiv hire Spiller Sven Correia, dee Landesmeeschter an der Kategorie D gouf.

D'Equippë Scolaires a Pupilles vum **FC Atert Bissen.**

D'Jugendéquippë vun de **Pompjeeë** fir hir excellent Leeschtungen.

Zum Schluss koumen nach 3 Sportler zu Éieren.

Am Schach, de **Wagener Claude**: Hie koum mat der Nationaléquipe op di 1. Plaz op de Spiller vun de klenge Länner, an hie gouf och nach Vizechampion vu Lëtzebuerg am Eenzel.

Um Vëlo, de **Feiereisen Kevin**: Hien ass 113 Course gefuer an huet mat der Nationaléquipe um Tour de Luxembourg deelgeholl. An der Belsch huet hien 2 Coursen an hei am Land der 3 gewonnen. Och huet hien d'Lëtzebuerger Faarwe bei den Europa-meeschterschaften op der Bunn an op der Strooss vertrueden. A senger Spezialitéit, der Bunn, ass hie bei de 6 Deeg vu Bremen op déi 1. Plaz komm.

Schwammen, de **Stachiotti Raphael**: Hien huet onst Land zu London op den Olympesche Spiller vertrueden. Op de Strecken 200 a 400 Meter „4 nages" gouf hien um Enn de 17. an 18. Dobäi huet hien erëm eng ganz Rëtsch nei lëtzebuergesch Rekorder opgestallt.

Lëtz’ Step

to Fairtrade

Fairtrade Lëtzebuerg huet am Mee eng Kampagne gestart, ënnert dem Thema „Lëtz’step to Fairtrade – 40 000 fair steps around the world“. 40 000 Schrëtt sti fir déi 40 000 Kilometer, déi néideg si fir eng Kéier d’Äerd ze ëmkreesen. Bei der Aktioun geet et drëm fir d’Geschichte vun de Produzenten aus Afrika, Latäinamerika an Asien kennen ze léieren an ze verstoen. Jidder Schratt fir de fairen Handel dréit zum Gelénge vun der Aktioun bäi.

D’Verantwortlech vun der Maison Relais hunn dee Schratt gewot an hunn e „Fairtrade Breakfast“ organiséiert. 116 Kanner an Erwuessener waren do an hu sech de Moieskaffi mat lauter Fairtrade Produkter gutt schmaache gelooss. Och de Schäfferot haten d’Invitatioun ugeholl an hunn de Leit aus der Maison Relais mat hirem Chargé de direction Michael Schenk villmools Merci fir hire Geste gesot.

Dagesoflaf an der Maison Relais

An de leschte Joeren huet sech vill am Liewe vun der Famill geännert. Ass soss ee vun den Elteren, an den allermeeschte Fäll d'Mamm, doheem bliwwen, soubal e Kand do war, sou gëtt et dat haut nach just an de wéinegste Famillen. Déi meescht Eltere ginn allebéid schaffen, heiansdo versuergt nach eng Bomi d'Kand, mä ganz dacks geet d'Kand no der Schoul an eng Maison Relais, wou hatt vun ausgebiltem Personal betreit gëtt. Wéi dat Ganzt do ofleeft, gesäit een op folgenden Tableauen:

	Lundi, Mercredi, Vendredi
07h00 – 08h00	Accueil – Accompagnement à l'école
08h00 – 09h00	Préparation des „badges". Distribution des badges dans les classes de l'enseignement fondamentale et l'école préscolaire. ***Les enfants sont à l'école. La chargée de direction et/ou l'adjointe à la direction peuvent être jointes par téléphone pour d'éventuels changements ou annulation des présences.***
08h00 – 12h00	Les enfants du précoce qui n'ont pas d'école peuvent être inscrits à la MR.
11h30 – 12h00	Préparation des tables pour le déjeuner. Les éducateurs vont chercher les enfants à l'école.
12h00 – 14h00	Les éducateurs et aide-socio-éducatifs prennent leur déjeuner avec les enfants dans différentes salles. Après le déjeuner, tous les enfants vont dans la cour où ils peuvent jouer.
14h00 – 16h00	Les enfants sont à l'école. Les éducateurs ont du temps pour préparer les activités.
14h00 – 16h00	Les enfants du précoce qui n'ont pas d'école peuvent être inscrits à la MR.
16h00 – 18h00	Les éducateurs vont chercher les enfants à l'école. On prend la collation. Après la collation, on aide les enfants à faire leurs devoirs.
18h00 – 19h00	Jeu libre
	Mardi, Jeudi
07h00 – 08h00	Accueil – Accompagnement à l'école
08h00 – 09h00	Préparation des „badges". Distribution des badges dans les classes de l'enseignement fondamentale et l'école préscolaire. ***Les enfants sont à l'école. La chargée de direction et/ou l'adjointe à la direction peuvent être jointes par téléphone pour d'éventuels changements ou annulation des présences.***
08h00 – 12h00	Les enfants du précoce qui n'ont pas d'école peuvent être inscrits à la MR.
11h30 – 12h00	Préparation des tables pour le déjeuner. Les éducateurs vont chercher les enfants à l'école.
12h00 – 14h00	Les éducateurs et aide-socio-éducatifs prennent leur déjeuner avec les enfants dans différentes salles. Après le déjeuner, tous les enfants vont dans la cour où ils peuvent jouer.
14h00 – 15h00	Aide aux devoirs
15h00 – 17h00	De 15 à 17 heures, les enfants ont la possibilité de participer à un atelier organisé par les éducateurs (bricolage, jeux, atelier cuisine, Airtramp etc.) Après les ateliers, on prend la collation.
17h00 – 18h00	Jeu libre
18h00 – 19h00	Jeu libre

Selbstbehauptungs-
und Selbstverteidigungskurs für Mädchen…

Das Jugendhaus Bissen veranstaltete am 15.06.13 einen Selbstbehauptungs- und Selbstverteidigungskurs für Mädchen in Kooperation mit der Gewaltpräventionstelle der Polizei Mersch und dem Self-Défense Club du Nord Grosbous. Neun Mädchen hatten an dem Kurs teilgenommen und lernten, wie sie sich in einer Gewaltsituation verhalten können, wie sie sich selbst in einer Gewaltsituation behaupten und Grenzen setzen können und wie sie sich im Notfall auch verteidigen können. Den Mädchen hat der Kurs sehr gut gefallen. Damit leistet das Jugendhaus Bissen einen wichtigen Beitrag zur Gewaltprävention. Derzeit wird überlegt, wie weitere Veranstaltungen in diesem Bereich angeboten werden können. Einen besonderen Dank gilt den Kooperationspartnern, ohne die dieser Kurs in dieser Art und Weise nicht hätte stattfinden können!

Ein Proberaum
für das Jugendhaus

Im Jugendhaus wird gerockt.

Das Jugendhaus Bissen möchte zukünftig jungen Bands mit Jugendlichen im Alter von 12-26 Jahren aus Bissen und den angerenzenden Orten von Bissen die Möglichkeit geben, im Jugendhaus zu proben. Dazu werden solche Bands gesucht. Auch Jugendliche, die erst eine Band gründen möchten, können sich im Jugendhaus melden. Bei Bedarf können auch einige Instrumente für die Bandproben zur Verfügung gestellt werden. Das Jugendhaus Bissen legt damit einen bewusst musikpädagogischen Schwerpunkt in seiner Arbeit. Jugendliche bekommen damit die Möglichkeit, ihre Freizeit zu gestalten, sich weiterzuentwickeln und sich „auszuprobieren". Wenn das Projekt gut läuft sollen im Jugendhaus auch Workshops mit musikalischem Hintergrund und Auftritte für junge Bands organisiert werden.

Wer Interesse an einer Nutzung des Proberaumes hat, soll sich bitte bei **Christoph Postler, Tel. 26 88 72 90** oder direkt im Jugendhaus melden.

Gemeng Biissen

Miersch Lieshaus
Lieshaus - D'Loscht um Liesen
Ëffentlech Bibliothéik an Internetstuff

Zesumme mat der Gemeng Bissen bitt d'Miersch Lieshaus Jidderengem,
dee Lëtzebuergesch schwätzt, Méiglechkeet,
fir d'Lëtzebuerger Sprooch richteg schreiwen ze léieren.

Lëtzebuergesch schreiwen

De Cours gëtt gehale vum **Christiane Ehlinger**

7 x 2 Stonnen (Dënschdes 19h30 > 21h30):

24.09. / 01.10. / 08.10. / 15.10. /
22.10. / 05.11. / 12.11.2013 (Iwerrechung vum Certificat)

Onkäschtebäitragm: 35 €

Info + Umeldung: **26 32 21 13**

De Cours baséiert op dem Buch
De roude Fuedem vum **Christiane Ehlinger**
a kann am Cours fir den reduzéierten Präis
vu **20 €** kaaft gi.

Miersch Lieshaus
55, rue Grande-Duchesse-Charlotte
L-7520 Mersch
Telefon: 26 32 21 13
E-Mail: kontakt@miersch-lieshaus.lu
DEXIA BIL LU 63 0021 1840 4891 8400

Informatiounen zum Programm vum
Miersch Lieshaus fannt ir op
www.miersch-lieshaus.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Bisart 2013

D'Kulturkommissioun vun der Gemeng Biissen hat och dëst Joer op den traditionellen „Bisart 2013" am Wonerbatti invitéiert.

23 Kënschtler aus der Gemeng an Emgéigend haten deelgeholl, an och dëst Joer war et erëm eng gelonge Mëschung aus deene verschiddenste Méiglechkeeten, sech an der Konscht auszedrécken.

Wéi: Art Textile, Powertex, Patchwork, Acrylique op Toile, Fotoen a Fotodréck, Mosaïk, Keramik, Biller an Dëscher dekoréiert mat Edelsteng, Toilen am Ueleg.

D'Kënschtler ware mat Begeeschterung dobäi an hate sech sou munches afale gelooss, wat si während 3 Deeg deenen interesséierte Visiteure gewisen hunn.

Virmierke soll ee sech elo schonn de „Bisart 2014", fir d'Kiirmeswoch ëm de 14. Juni.

